Erlieft a verzielt



*Julie Muller-Barthélemy*

# *Erënnerungen aus engem beweegte Jorhonnert*

*E Liewen tëschent Beruffstätegkeet, politeschem Engagement a Benevolat*

RBS

A si hält mech mam Aarm zréck a seet:
„Du muss mäi Mann entschëllegen, hie gesäit d'Fraen ëmmer nëmme plakeg am Bett. A wa se eng Kéier en Hutt op hunn, da kennt en se net méi erëm!"
Dat éischt, wat de Dokter mech gefrot huet war: „Liewen d'Kanner nach?"
Ech hunn eise Will gekuckt.
„Jooo, ech niere se ..." Ech hat bal e Schlag kritt! Ech hunn direkt geduecht, den Dokter an d'Hiewan hunn dir net alles gesot, wat bei der Geburt geschitt war.




*Eng nach glécklech Familljen am Dezember 1942*



## D'Ëmsiedlung

Am August 1943 ass de Will an Däitschland op Rodalben, an d'Géigend vu Kaiserslautern versat ginn. Hie war jo an der Gare zu Miersch Eisebunner, a wéi se d'Eisebunnesch-Uniform kritt hunn, do huet mäi Mann scho mol direkt de Vull vun der Kap gerappt. Hie war och an der Resistenz an der LVL. Den Aloyse Raths huet mer spéider en Dokument gewisen, do stung dran, dass de Muller net tragbar wier, e misst entlooss ginn, well en ostentativ seng Haltung weise géing géint de Regime. Hien ass och net mat der Béchs gaangen, fir fir d'WHW (Winterhilfswerk) opzehiewen.
1942, nom Generalstreik, hunn d'Preise Plakaten opgehaange mat all deenen Nimm, déi zu Schëffleng an zu Woltz standrechtlech erschoss gi waren. Et war och e Mierscher dobäi, deen an der Stad gewunnt huet, den Nikki Konz. Déi Plakater sinn opgehaange ginn op d'Haiser vun deene Leit, déi fir de preisesche Regime net tragbar waren. Mir haten 3 Plakater op der Garagepaart. `t konnt ee sech also denken, wat nach komme géing.
1943 den August ass mäi Mann also versat ginn, hien huet d'Land verbuede kritt an ass degradéiert ginn. Am September ass e rëm agestallt ginn, well d'Reichsbahn net genuch Leit hat.



An den
Chef der Zivilverwaltung
H.Pers./Lux
Luxemburg

Betr.: Wilhelm Müller, EB.Betriebswart, geb. 29.11.08,
wohnhaft in Mersch, Heckingerstr.3.

Laut Mitteilung des Beauftragten des Reichskommissars fü die Festigung deutschen Volkstums in Luxemburg ist der Obengenannte mit seiner Familie am 8.10.43 nach dem Lager Wartha, Station Wartha, Kreis Frankenberg, Niederschlesien abgesiedelt worden.

Müller wurde we[illegible] seiner das Deutschtum ablehnenden Haltung bereits am [illegible] aus der VdB. entlassen. Die Entlassung vermochte ihn in keiner Weise zu beeindrucken. Er bekundete weiterhin ostentativ kein Interesse am Zeitgeschehen, besuchte keine Versammlungen, trug nicht das Abzeichen, grüsste nicht mit dem deutschen Gruss und zeigte durch seinen Verkehr mit feindlich gesinnten Volksgenossen seine offene gegnerische Einstellung. Müller gilt als politisch unzuverlässig und als nicht mehr erziehbar. Er ist deswegen als Beamter einer reichsdeutschen Verwaltung nicht mehr tragbar.

Ich bitte, Müller im Wege des Kurzverfahrens ohne Dienstbezüge vom Dienst zu entheben.


Heil Hitler!
Im Auftrag
gez.Pesch.

Den 8. Oktober 1943 war fir mech dee schlëmmsten Dag iwwerhaapt. Et huet mueres geklappt, geschellt a gehummert un der grousser Dier vum Hotel. Ech sinn erwächt, d'Kanner hunn awer nach geschlof. Ech héieren eng Dier opgoen an d'Mama an der Robe de Chambre erof lafen.
Si freet: „A ween hummert do, a wee schellt do?", an esou, an ech lafen an déi grouss Trap bis an d'Halschent, a kréie mat, wéi d'Mama opgespaart huet.
„Umsiedlung!"
6 Gestapoe stungen do a stierzen direkt eran an den Hall..... moies ëm 6 Auer. ....
„Umsiedlung, Barthélemy!"
Du freet meng Mamm nach: „Ma, a Muller?"
Ee vun de Gestapomänner kuckt, hëlt e Blat a seet: „Muller ... Muller. Der Mann ist ja nicht hier." Dat wosste se horgenee. „Aber Muller Julie mit Zwillingsbrüdern..."
Do hate se Brüder gemaach, awer et war souwisou egal. Wann een ëm 6 Auer gewuer gëtt, dass ëm 9 Auer de Bus virun der Dier steet an dir musst do dra sinn zu 6 Mann héich, dee 7. war jo mäi Mann, dee war jo net do, dann ass dat ganz schrecklech.
Mäi Papp hat 65 Joer vum Abrëll un. An iwwer 65 hu se keen ëmgesiedelt, déi Leit hu missen aus dem Haus, mä si konnte bei Familljen ënnerkommen. An ech hunn héiere bannenan am Zëmmer vu mengem Papp:
„Nein, ech hu 65 Joer, hei ass mäi Pass."
Dat hu si guer net gëlle gelooss, mäi Papp war 1878 gebuer, awer si hu mäi Papp einfach 1880 gebueren. An an hire Pabeiere stung och net Johann Peter, mä Franz. Op eisen Ëmsiedlungskaarten, op eise Walissen

an iwwerall stung Barthélemy Franz, 80 gebueren! A mir sinn äis net zoukomm! An dat Schéinst dovu war, mäi Papp ass matgaangen! Mir waren also mäi Papp, meng Mamm, mäi Brudder Jim, e Bouf vun 10 an en halleft Joer, hie war just am 5. Schouljoer, meng Kanner an ech.

Meng Mamm huet direkt gesot: „Erwäch d'Kanner a fidder se!"

Well 3 Stonne fir esou en Haus an nëmmen mat Handgepäck, dat war batter. A komescherweis, meng Mamm huet net gekrasch, an ech och net. Mir sinn hin an hir gelaf, hei hate mer nach eppes fir ze huelen, an do hate mer nach eppes. Dat Schlëmmst war, dass d'Kanner nach net propper waren. Si ware just e


Der Chef der Zivilverwaltung
in Luxemburg
Beauftragter des Reichskommissars
für die Festigung
deutschen Volkstums

Luxemburg, den 6. Oktober 1943

An Herrn
Wilhelm M ü l l e r, Ums.Nr. 713 Lux.-
Eisenbahnbetriebswart
K e r s c h .
Reckingerstrasse 3.

Verfügung!

Sie sind mit ihrer Familie (Ehefrau, 2 Kinder und sonstigen zum Haushalt gehörigen xxx Personen, ausgenommen sind Hausangestellte) zur Absiedlung aus Luxemburg bestimmt. Ich ersuche Sie, den Weisungen der von mir beauftragten Stellen Folge zu leisten.

i. A.

SS-Untersturmführer.

SS-Obergruppenführer
und General der Polizei.



bessen um Potti gewinnt, awer déi Zäit gouf et keng Pamperen! Mir hate Lompen, an déi hu bestanen aus enger grousser Lomp an där méi eng kleng dra war, an da war nach e klengt véiereckegt Stéck, dat hu mer Pissstéck genannt. Dat ass meeschtens ewechgehäit ginn, wann een d'Kanner frësch gemaach huet.

Jo, d'Zäit war esou knapps, datt ech d'Kanner erwächt, se aus de Schlofsäck erausgeholl, ugedoen an an hire Stillche gesat hunn an hinnen eppes gemaach hu fir z' iessen an der grousser Hotelskichen ënnenan. Ech mengen ech hat nach Quaker gemaach, dat huet gutt bäigehalen. Ech gesi mech nach. Oh mon Dieu! Zwee Gestapoe waren ënnenan, zwee uewenop, an du hunn ech gesot:

„Géift Der mer wëllen, hei wann ech gelift, hei sinn zwee Läffelcher, géift Der mer lo wëllen déi 2 Kanner fidderen? Do kënnt Der mer lo nit nee soen, well dat hëlt mer Zäit ewech an ech muss apaken."

An dunn hunn der zwee vun der SS meng Kanner gefiddert! An d'Kanner hunn awer giess. Si waren ze kleng fir ze verstoen.

Mir hunn nëmmen dierfen Handgepäck mathuelen. Ech hat e Kuerf mat enger Hink an e Kuerf mat Lompen dran an zwou Fläschen. De Potti huet meng Mamm agestach. Ech hat meng Posch am lénken Aarm, meng Mamm och, a mir haten eng Decke mat an déi recht Hand da fräi. An du si mer zu der Dier

eraus komm an mir hunn all déi Leit gesinn. Mir hunn net gekrasch. Mir ware wéi an Trance, wéi e Roboter.
Mir sinn an de Bus geklommen. Dat lescht wat ech nach héieren hunn, dat war eng Remarque vum Ben a vum Anna:
„O Mamm, o Mamm, déi aarme Kanner ... de Will ass net do, wat mécht hatt?".
Mä ech hat meng Mamm a mäi Papp bei mer, meng Kanner, mäi Brudder an hu mech dofir net verloosse gespiert.
Et hat nach sou e Falsche vun der Gestapo gesot:
„Nehmen Sie die Sachen von ihrem Mann mit, er steigt in Koblenz zu".
An ech hunn nach gutt domm e Wantermantel vun eisem Will matgeholl. Mir waren esou blöd wéi jiddwereen an deem Bus. Awer zu Koblenz war kee Will weder wäit nach no. Mir haten hie vum August un net méi gesinn.
Mir ware frou, wéi mer gesinn hunn, dass am Bus nach eng Famill, Feit hu se geheescht, mat zwee Kanner, dem Kitty an dem Pierre, war. D'Kanner waren am Jim sengem Alter, du waren déi dräi scho frou fir sech ze hunn. Am Bus war och de Fernand Schwachtgen mat senger Mamm. De Fernand Schwachtgen hat an der Resistenz den Numm Jean l'Aveugle. Hien huet herno matgehollef Informatiounen iwwert d'V2 weiderzeginn. Mir hunn déi meescht Leit



am Bus kannt, et ware just zwou Famillje vu Biissen, déi mer net kannt hunn.
An du fuere mer net direkt op Hollerech mä nach an d'Servais-Strooss. Mir hu geduecht:
„Wee klëmmt hei an der Servais-Strooss eran?"
Et war de Jos Ries, de spéidere Papp vum Nico Ries, Colonel vun der Arméi. Jo, an dunn ass et op Hollerech gaangen, wou mer géint 10 Auer ukomm sinn. Hei souze mer bis 1 Auer, bis den Zuch gaangen ass fir op Tréier. Zu Hollerech hu mer eppes z'iesse kritt, en Ierzebulli. Vill Kanner hunn d'Nues gehuewen, awer mäi Papp sot:
„Lo iesse mer, well Gott weess, wou mer rëm eppes z' iesse kréien."
A meng Kanner hunn den Ierzebulli eragefeiert. Am Zuch ass et „Stullen" ginn, eng Schmier mat iergendeppes drop, an Téi, dat war alles.
Zu Tréier op der Gare stoungen um Quai vill Lëtzebuerger, ënner anerem d'Cecile Koob, d'Fra vum Léon Koob. Si huet äis eng grouss véiereckeg bleche Këscht mat Zwieback, Lëffelsbiscuiten an Zockerbounen duerch d'Fënster gereecht. D'Dire vum Zuch ware jo all zougespaart, fir dass kee sech konnt ewech maachen.
Et war dee schlëmmsten Dag an der Ëmsiedlung, an ech kann och vun der Ëmsiedlung selwer nëmmen Negatives soen.

## Zu Wallisfurth am Lager

Déi éischt, déi ëmgesiedelt si ginn, dat ware Leit aus der Mierscher Gemeng, den Apdikter Rémy Betz an eng Famill Arendt vu Recken. Dat war 1942, a mir wosste schonn duerch déi, wéi et an der Ëmsiedlung wier. Si hunn äis an deem Joer Kaarte geschriwwen a Fotoe geschéckt vum Lager Leubus a vu Boberstein. Dat ware grouss Lageren, Leubus war e Klouschter, do ware mir awer net. Et waren 23 Emsiedler-Lager, net eleng a Schlesien, et waren der och hei vir am Hunsrück. An et wosst ee schonn, datt et fir d'éischt mat engem Bus op Hollerech géing goen an datt et 2 Deeg géing daueren, bis mer am Lager wieren.
Owes spéit si mer am Lager Wallisfurth ukomm. Wallisfurth war e Schlass am Kreis Schweidnitz. An eisem Convoi ware mir zu ongeféier 30 Mierscher, zwou Famillje vu Biissen an eng grouss Famill mat 9 Kanner, d'Famill Damgé-Berté aus der Fiels. Dat Eelst vun de Kanner, d'Maisy, hat 19 Jor an dat Jéngst, d'Milly, 2 ½.
Am Lager ware „Stuben", Stube 1, 2, 3 an esou weider. An uewenop do war eng Stube, wou 56 Leit waren. D'Better waren iwwereneen, si ware fir zwou Persounen, an et ass ee mat enger Träppchen eropgaangen. Et waren eigentlech e bësse méi breet Eenzelbetter, an uewen deemno och. Déi, déi e bëssen





*D'Stube 1 zu Wallisfurth am Lager am Oktober 1943*
*Familljen Damgé-Berté, Barthélemy a Muller vu Miersch, Ewen vu Biissen, Daubenfeld vu Berschbach a Wolff vu Biissen*

invalid waren oder net esou gelenkeg, déi louchen ënnen an déi aner uewen. An dësem Lager waren d'Better méi kammoud, wéi am zweete Lager, wou mer waren. Et konnt ee sech op dat ënnescht Bett setzen an ass net mam Kapp un dat iewescht komm. Et ware keng Fléi a keng Wanzen zu Wallisfurth, awer et ware Mais. Et ware keng Ridoe rondrëm d'Bett, an et gouf och keng Schief. Uewe ronderëm ware Brieder, wou een emol eng Wallis konnt leeën, an et konnt ee sech e Nol aschloen, fir säi Gezai drop ze hänken. Et

war alles primitiv. D'Iesse war zu Wallisfurth ganz schlecht, awer zu Jeschütz, am Sonderlager, wou mer duerno waren, war d'Iesse besser. Allerdéngs hate mer zu Jeschütz Fléi a Wanzen, dat war net flott.
Zu Wallisfurth gouf et e grousse Sall, wou mer giess hunn. Mir hate sou kleng bleche Schosselen, wou d'Iessen dra koum. An der bleche Schossel huet deen een oder anere mol seng Strëmp gewäsch, well mer hate jo nëmmen déi Schossel. Duerno ass se gutt gespullt ginn an dann huet een erem dra giess. Fir sech ze wäsche war ënnenan nëmmen 1 Fassel, dat war esou e Betonswäschtrach ouni waarmt Waasser.
Et huet een heiandsdo e Schäi kritt, fir aus dem Lager eraus. Da si mer op Bad Altheide, déi éischt Stiedche beim Lager gaangen. Sonndes hu mer der do alt mol aus anere Lagere begéint. Awer et huet ee missen eng gewësse Stonn rëm dobanne sinn. Mir sinn zu Fouss gaangen, et hat ee jo gutt Schong un, an et war een zu e puer. Et huet ee sech gefreet, dass ee mol dobausse war. Mä et war een ëmmer ënnert der Surveillance vun der SS, egal wouhin ee gaangen ass, well si haten iwwerall hir Spitzelen.
Vun deem Lager aus, Wallisfurth, ass de Fernand Schwachtgen alias Jean L'Aveugle vun der Resistenz, fortgelaf. Seng Mamm war nach am Lager. Si sot:
„Eise Fernand weess, wou en elo geet."
Et hat alles, alles mat der Resistenz ze dinn. An du



hu mir de Schwachtgens Fernand net méi gesinn. Hie war duerno un der Noriichteniwwermëttlung no London bedeelegt, haaptsächlech wat d'Fabrikatioun vun der V1 a V2 zu Peenemünde ugaang ass, wat zum Bombardement vun dësem Fabrikatiounssite geféiert huet.



*Den 12.10.1943 zu Wallisfurth am Lager.*
*D'Marion an d'Marthy hunn 19 Méint*

## Am Sonderlager Jeschütz

Duerno koum ech mat der ganzer Famill an en zweet Lager, d'Sonderlager Jeschütz.
Chrëschtdag 1943 hate mir äis e Beemchen opgericht. D'Dammen an d'Meedercher hu sech vill Méi gi fir en ze rëschten. Jiddwereen ass gefrot ginn, fir de Sëlwerpobeier, dee ronderëm de Schockela war, ze halen. An et haten och mol Leit fir de Beemchen ze rëschten kleng Bommele kritt. De Professer Jules Prüssen hat d'Iddi fir de „Minuit Chrétien" op Lëtzebuergesch ze sangen. Den Oberprimärschullehrer Kohll an den Här Prüssen hunn den Text op Lëtzebuergesch geschriwwen. Owes um Reveillon huet de Jeng Thiefels vu Miedernach d'Lidd gesongen. Oh, dat war esou ergräifend, a keen A ass dréche bliwwen. Mir hunn alleguer geziddert, wierklech geziddert vu Freed. Mir waren alleguer esou geréiert vun deem „Minuit Chrétien". Ech hunn dat Lidd ni méi héiere bis 2007 an de Metten an der Kierch zu Miesdref. Et ass op de Wonsch vum President vun der Chorale, Erny Kerschen, gesonge ginn.
Bei eis am Lager war eng Famill Jacqué vun Holztem, den Här an d'Madame Jacqué mat hiren 3 Kanner. Enges owes am Januar, mir souzen all am grousse Sall, koum de Lagerführer eran an huet geruff: „Jacqué, ins Büro! Sie haben einen Bezugsschein für Arbeitsschuhe".



De Pierche Robinet vun Nidderkäerjeng huet am Büro vum Lagerführer geschafft a matkritt, wat du geschitt ass. Den Här Jacqué ass an de Büro komm an huet gesot:
„Guten Abend".
De Lagerführer huet gebaubst: „Heil Hitler oder raus!"
An de Jacqué huet sech ëmgedréit an ass gaangen.
„Jacqué, sofort ins Büro!"
De Jacqué koum erëm an huet gesot: „Guten Tag!"
„Heil Hitler oder raus!"
De Jacqué huet sech erëm ëmgedréit, ass bis an d'Halschent gaangen, koum erëm a sot: „Grüß Gott". Du kraacht de Lagerführer him eng richteg ... an de Jacqué, dee kracht em eng erëm. Mir hunn de Lagerführer dräi Woche laang gesi mat engem bloen An. Et ass elo fir ze laachen, mä et war net dee Moment fir ze laachen. De Lagerführer huet de Jacqué holl a blo am Büro zerschlon an en duerno an de Bunker gespaart. De Bunker war ënnenan nieft der Kichen, an et war owes siwen Auer, halwer aacht. De Lagerführer huet de Schlëssel vum Bunker op den Dësch bei déi zwou lëtzebuerger Dammen, déi och an der Kiche gehollef hunn, geluecht. Jo, an déi hunn den Här Jacqué héiere jäizen, mä si waren net esou king fir de Schlëssel ze huelen an opzespären. Ech versti se. Si waren an enger geféierlecher Situatioun.


An deen aneren Dag huet de Lagerführer den Här Jacqué aus dem Bunker geholl an de Corridor, a mir hunn alleguer misse kucken, wéi en de Jacqué do zerschloen huet. An d'Fra an déi dräi Kanner waren och derbäi. Si huet gekrasch, an déi dräi Kanner hu „Papa, Papa…" geruff. Dat ass dem Lagerführer sou laang wéi breet gewiescht. Den Här Jacqué ass op Groß-Rosen an d'KZ komm, wou hie gestuerwen ass.
Du koum de Lagerführer bei d'Madame Jacqué a sot: „Ihr Mann ist tot. Machen Sie sich nichts draus, sie bekommen noch einen anderen".
No der Geschicht mam Här Jacqué huet et geheescht: „Jetzt bekommen sie drei Wochen lang Russenfraß, bis dass sie Heil Hitler sagen".
Russenfraß, dat war Kürbiszopp, vu mueres bis owes.
D'Kanner hu jo och missen dee Russenfraß iessen, an du sot meng Mamm déi zweet Woch:
„D'Kanner, si iessen dat do net, lo gees du e Pak Nuddelen of kachen …"
A meng Mamm huet sech dohinner gesat an dat eent Kand, an ech dat anert, gefiddert. Deen Ament gung d'Dier op, an de Lagerführer stung do a senger voller Montour, seng Kap un, seng Reitbaatsch, säin décken Hond niewendrun. Meng Mamm an ech waren därmoossen erféiert.
„Ach so!" huet hie gesot.
Meng Mamm huet mat hirem Aarm iwwert déi zwee



Kanner ewech mäin Aarm ugehalen, well si huet geduecht, ech géif äntweren.
„Naja", sot en, „aber dieser Hund hat besser gefressen wie ihre Kinder heute Mittag".
Dat souz, an dat sëtzt haut nach. Dat sëtzt nach haut, an ech denken ëmmer un de Goethe: „Das große Herz kann alles verzeihen". Ech hunn e klengt Häerz, well dat do kann ech ni verzeihen!

## De Papp kënnt op Breslau an de Prisong

Enn Januar 44 ass mäi Papp an de Prisong komm op Breslau, die „Hölle von Breslau", wéi dee Prisong genannt ginn ass. Hien ass eréischt nom Krich gewuer ginn, firwat hien dohinner komm ass. Wéi mir ëmgesiedelt gi sinn, hat mäi Papp scho 65 Jor. De preiseschen Amtsbürgermeister vu Miersch Weis an e puer där „gudder" Lëtzebuerger hu mäi Papp beschëllegt, Urkundenfälschung gemaach ze hunn. Si hunn am Regëster vu Miersch mäi Papp amplaz 1878, 1880 gebuer gemaach.
Am Lager Jeschütz ass mäi Papp owes an de Büro geruff ginn an e koum net erëm. No enger halwer Stonn sot meng Mamm:
„Ech ginn d'Kanner op an d'Bett leeën, an du geess un d'Dier vum Lagerführer lauschteren, wat do lass ass."



ARCHIVES du C.N.R.

REICHSKOMMISSAR FÜR DIE FESTIGUNG DEUTSCHEN VOLKSTUMS
Volksdeutsche Mittelstelle
Einsatzführung Niederschlesien

Breslau, den 26.Oktober 1943
Lehmgrubenstraße 32/34

An den
Reichskommissar für die
Festigung deutschen Volkstums
Volksdeutsche Mittelstelle
Lager 94

W a l l i s f u r t h .

Akt.-Zeichen B/W
Bei Beantwortung Angabe von Aktennummer und Betreff unbedingt erforderlich.

Vertraulich!

Betr.: Lux.Abs.B a r t h e l e m y , Franz,geb.21.2.80,Lux.Nr.695

Nachstehend gebe ich Ihnen die charakterliche sowie politische Einstellung der o.a.Absiedler zur Kenntnis, die mir von dem C.d.Z. in Luxemburg mitgeteilt wurde.

B a r t h e l e m y Franz, geb.21.2.80 Ums.Nr.695 Lux.-

Derselbe war jahrelang in Amerika, hatte bisher in Mersch ein Hotel und demselben einen stark internationalen Charakter gegeben unter Ausschluß zu allem, was zu Deutschland Beziehungen hatte. Er hat einen ausgesprochenen jüdisch plutokratischen Charakter, gebärdet sich durchaus "amerikanisch" und verkehrte nur mit reichsfeindlichen Elementen, die ihre Hoffnungen auf einen englisch-amerikanischen Sieg gestellt hatten. Auch ist er ein fanatischer Deutschenhasser, dessen Einfluß bei der Bevölkerung unheilvolle Folgen hatte. Nach der Umsiedlungskartei ist er am 2.2.80 geboren. Diese Daten finden sich auch in der Meldekartei des Bürgermeisteramtes Mersch der Jahrgänge 1932 - 35 - 37 - 39 u.40 vor. Trotzdem legte er ein Lichtbildausweis mit den Geburtsdaten 4.7.78 vor, um so in den Genuß der über 65 Jahre alten Leute (denen bekanntlich freigestellt wird, hier bleiben zu könne) zu kommen. Die Erhebungen über das richtige Geburtsdatum sind im Gange. Es besteht der dringende Verdacht, daß hier ein Urkundenbetrug vorliegen kann. Er soll nach Umschulung der Rüstungsindustrie im östlichsten Einsatzgebiet zugeführt werden. Er ist äußerst renitent, daher scharf unter die Luppe zu nehmen.

Déi Dier war nieft der Trap fir uewenop, an och bei der Dier vum Cabinet mat Spülung, deen eenzege fir 200 Leit. Ech hunn héieren:
„Barthélemy, sagen Sie die Wahrheit oder ich haue Sie trotz Ihrem Gebrechen, dass Sie die Wand hoch gehen."



Ech sinn zréck an de Sall gelaf an hu menger Mamm dat verzielt.
„Lo hu se d'Waffelager fonnt ënnert der Keelebunn", sot meng Mamm, „da geet et fir äis alleguer."
Meng Mamm ass erëm erop gaang, an ech hu mech an de Gank gestallt, wéi wann ech misst op de Cabinet goen. Ech stung kaum eng Minutt do, du goung d'Dier vum Büro op an de Lagerführer kënnt eraus.
„Was machen Sie denn hier!"
„Ich warte aufs Klo", sot ech.
„So, Sie warten aufs Klo, aber es ist doch niemand drin!"
„Das wusste ich nicht."
„Das können Sie jemandem erzählen, der keine Krempen mehr am Hut hat, aber Lagerführer Stoffregen nicht."
„Aber ich muss ..."
„Jetzt marsch, rauf auf die Stube und halten Sie die Scheiße bis morgen früh!"
An du hunn ech vu lauter Angscht an d'Box gemaach. Mir haten esou eng Angscht virun den SS, well mir wossten, dass si alles, wat se gesot hunn, och konnte maachen.
Knapps war ech uewen, du hunn ech héieren:
„Frau Müller, ins Büro!"
Ech sinn era gaang, ouni eppes ze soen.

„Setzen!“
Een SS souz op der Schreifmaschinn.
„Kennen Sie einen Herrn Feitler?“
„Ja, er ist auch ein Eisenbahner.“
„Ist das ein Kunde von Ihnen?“
„Ja“
„Hat ihr Vater eine Leuchtpistole?“
„Er hatte eine Leuchtpistole aus dem Krieg 14-18, aber die ist nicht mehr gebrauchsfähig.“
„Ihr Mann ist nicht im Lager. Ist er denn noch immer in der Pfalz stationiert?“
„Ich denke ja.“
Mir hunn äis duerno uewenop op d'Better gesat. Mir waren erleedegt.
14 Deeg méi spéit ass mäi Papp op Breslau an de Prisong komm. Am Prisong ware 14 Nationalitéiten op enkstem Raum. Mäi Papp huet hei een zweete Schlag kritt. De Batty Robinet vu Nidderkäerjeng huet äis gesot:
„Hien huet e Schlag kritt, Äre Papp, an ech hunn e gefiddert mam Läffelchen".
De Kalfakter, e lëtzebuerger Prisonnéier deen an den Duschen d'Prisonnéier iwwerwaacht huet, huet et fäerdeg bruecht, datt meng Mamm gewuer ginn ass, wat geschitt war. E Preiss, deen entlooss ginn ass, huet heemlech an den Duschen en Hansaplast mat engem Ziedel drun op d'Fousssuel gepecht kritt, well si si jo



ënnersicht ginn. Dat war ganz, ganz riskéiert. Awer meng Mamm ass du gewuer ginn, datt mäi Papp e Schlag kritt hat. Dat muss Juni oder Juli 44 gewiescht sinn. Meng Mamm huet dunn awer vum Lagerführer, dem Stoffregen, eng Ausgangsautorisatioun kritt, fir op Breslau ze goen. Si war virdrun dräimol dohinner a si huet mäi Papp net fräi kritt. Déi drëtte Kéier ass si erauskomm a si huet gekrasch. Du koum en eeleren SS an huet si gefrot, firwat si géif kräischen.
„Warten Sie hier", huet e gesot, wéi meng Mamm him alles erklärt hat.
Hie gung erëm eran, a wéi en erauskoum sot en:
„Es stimmt, was Sie mir erzählt haben. Fahren Sie wieder nach Jeschütz, sie bekommen eine Antwort durch den Lagerführer.“
An am August ass mäi Papp fräi komm.

## An där Zäit zu Lëtzebuerg

Meng Schwéiermamm hat 8 Kanner. Si hat nom Dout vun hirer Schwëster där hire Mann bestued an zwee Jongen an e Bëbé iwwerholl. Duerno huet si nach 4 Jongen an e Meedche kritt. Eise Will a seng Zwillingschwëster Maria waren déi Jéngst.
1944 ass d'Schwéiermamm bei de preiseschen Amtsbürgermeister Weiss op déi Miercher Gemeng geruff ginn. Si huet geduecht:

„Et wäert jo näischt geschitt sinn."
„Wir haben beschlossen, Ihnen das deutsche Mutterkreuz zu überreichen."
Si sollt hannerrécks ëmfalen.
„Das deutsche Mutterkreuz! Dann bringen Sie mir mal meine zwei Söhne zurück, die im KZ sind und meinen jüngsten Sohn mit Frau und Zwillingen, die in Schlesien sind! Und dann werde ich mir es überlegen."
An du ass si gaangen. Si war king fir esou ze äntwerten, well d'Amerikaner waren zwar de Juni an der Normandie geland, awer si waren nach net zu Lëtzebuerg.



*1948, meng Schwéierelteren, d'Marie Muller-Simon an de Mathias Muller, feiere gëllen Hochzäit*



**Lagerfräi!**

Fir lagerfräi ze ginn, hutt der missten dobaussen, egal wou, een hunn, deen eng Plaz hat an eng Wunneng, an en huet misse fir iech suergen. De Will war op enger klenger Gare zu Gräben an hien hat eng Eisebunnesch-Wunneng kritt. Duerfir konnte mir fräi kommen. Ech si mat de Kanner den 29. Februar lagerfräi ginn. Awer meng Mamm an de Jim konnten net aus dem Lager, esou laang wéi mäi Papp am Prisong war.
Mir haten 2 Zëmmer um 1. Stack. Ënnena ware fréier Ställ, do haten d'Preisen e Stalag mat franséische Prisonnéier ageriicht. An engem aneren Deel waren och Wäissrussen an Tschechen.
Eng grouss rout Trap ass erop gaang fir bei äis. Enges owes huet et un der ënneschter Dier geklappt. Ech hunn uewen eis Dier opgemaach, du war schonn en SS an der halwer Trap.
„Heil Hitler!" huet hie gegréisst.
Ech si baussen vun eiser Wunneng stoe bliwwen.
„Sie haben Kontakt mit französischen Gefangenen?"
„Nein, keinen Kontakt."
„Aber Sie grüßen sie?"
„Selbstverständlich, es sind Nachbarn von Luxemburg, genau wie die Belgier und die Deutschen."
„Ach so, und Sie tauschen keine Lebensmittel?"

*hunn, hoffentlech erhingert hien nit, hei ass jo d'Portioun hondsmiserabel. Ëm 10 Auer war ech erëm op de Landrat, mir sollen an den Tirol kommen. (...)*


**1.3.** *(...) Eis Leit bréngen eng gutt Nouvelle mat, mir kréien 2 Zëmmer zu Gisingen, da komme mir aus dëser Äiskëscht eraus!*

**2.3.** *Gëschter Owend souz ech am Restaurant bei engem Zaldot, deen zu Lëtzebuerg war déi lescht Stonnen am September, wéi déi Giel gepaakt hunn. Hien huet erzielt, datt se schonn an der Nuecht ugeblockt si mat hire Fraen, an datt d'Lëtzebuerger esou frou gewiescht wieren. (...) D'Madame Amann, deem Polizist seng Fra, deen den éischten Owend zu Feldkirch de Jim mat heem geholl hat, huet äis den Owend e Filet voll Grompere ginn an e Bokal agemaachter Biren. An enger Freed lafen ech mam Jim heem. D'Kanner schlofe schonn a mir ginn äis och leeën. Awer ëm 10 Auer sollte mer nach eng Surprise erliewen: Kënnt jo net den Här Amann mat senger klenger Duechter a bréngen äis en Dëppe warem gequellte Gromperen!! Eis Kanner sëtze sech poulriicht am Bett op an iessen déi gutt Grompere mat der Schuel!! Mir stierzen äis och iwwer d'Dëppen a mat Tréinen an den Ae kucke mer eise Kënnercher no ... Amanns sinn eben där gudder Éisträicher!!*

**3.3.** *11 Auer. Beim Landrat zu Feldkirch. D'Joffer weess nit wouhi mat äis. Si mer nun Auslänner oder Volksdäitsch?*



*Kënnt ech hir äntweren! Si schéckt mech erëm eraus. 5 vir 12. Mir hunn d'Aufenthaltsgenehmigung fir hei am Grenzgebitt. An enger Freed rennen ech an den Hotel. De Mëtteg fueren de Papa an d'Mama gläich op Gisingen; de Papa huet e Mann mat engem Päerd ausfindeg gemat fir eist Gepäck.*



Der Landrat
des Kreises Feldkirch
Ausländerpolizei
530-

Feldkirch, den 3.März 1945
Vorarlberg

B e s c h e i n i g u n g !

Der Familie M ü l l e r bestehens aus 3 Personen und den Eltern wird der Aufenthalt in der Grenzzone Kreis Feldkirch bis auf Widerruf bewilligt.

Personen sind:
Frau Müller Julie, geb. 5.5.21
Kinder Maria Anna " 12.3.42
Maria Martha 12.3.42

Eltern: Barthelemy Johann, geb. 17.4.1888
" Maria " 2.7.1895
" James " 30.12.1931
EHEMANN: Müller Willij " 29.11.1908

Im Auftrage:
I.A.

**28.3.** *Et reent. Ech war op Feldkirch bei d'Joffer Wittwer, ech hu missten heemgoe wéint schrecklechem Kappwéi. Wee souz an der Kichen? De Will, kee Baart gemat, midd, kal an naass. Hie koum mat engem geklaute Rad aus dem Bayresche Wald bis heihinn. O Mamm, o Mamm, deen aarme Jong! (...)*

**6.4.** *Eppes Neits. Nom Iesse war ech mat de Kanner op d'Mëttesrascht. Op eemol klappt et un der Dier. „Gestapo, aufmachen!" O Mamm, wat ass lass? Een an Civil an ee mam Doudekapp. Se hunn eis Pobeiere gefrot a matgeholl. Dem Will seng Adress gefrot a seng Kaarten, déi hie mir geschriwwen hat: och matgeholl. Si wollten „Dokumente und Schriftstücke". Et ass fir ze laachen. Mar de Muerge soll de Papa an ech an d'"Villa Muttern" (Villa Pauly) kommen. Mir deet et esou Leed fir de Papa, hat hien nit genuch mat Breslau, déi dreckeg Honn!*

**7.4.** *Dem Papa säi Gebuertsdag. 67 Jor. Ëm 8 Auer an der Villa Muttern. Et war näischt, mir konnten erëm goen, awer eis Pabeieren, déi hu se gehal. Ech kënnt ... Vorsicht, der Feind folgt dir wie ein Schatten!*

De 25.4 krute mer endlech d'Erlaabnis, fir an d'Schwäiz ze goen. A mir hunn äis et net zweemol soe gelooss ...

**26.4.** *Le jour se lève, notre grand jour ... Dat war déi lescht Nuecht ënnert de Preisen! (...) Endlech si mer do, zu Fouss, no 20 Minutten. Mir gi bei de Stacheldrot, do stung jo nit eisen Här vun der Gestapo aus der Villa Muttern. „Ihr kommt nicht rüber". Ech soen him klipp a klor, dass mir et versprach kritt hu gëschter um Landrat. Wéi mer eis geiergert hunn, koum de Schwäizer Oberleutnant bei*





*De 26.4.1945: Et geet endlech heem!*

*den Drot a frot no eise Pobeieren. Entretemps telephonéiert d'Gestapo op Feldkirch, an du koume se soen, mir kënnte goen. Uff! Endlech! Mir ware scho bal ongedëlleg ginn, zemol wou mer d'Schwäizer esou gräifno haten. D'Gestapo huet eist aarmeséilegt Gepäck duerchsicht an eis Sue gefrot an eis de Rescht geholl, 2000 Mark mat dëse Wierder: „In der Schweiz habt ihr Francs und zu Hause sowieso Dollars". Peng! Mir haten him bal an d'Gesiicht gelaacht, mä mir ware jo nach ëmmer dës Säit, et huet ee ganz schnell eppes verduerwen. – Wiere mer dach nëmmen déi aner Säit vum Stacheldrot, dat dauert elo schonn 1 Stonn. D'Kanner sëtzen an der Kutsch a kucke sech dat Spillchen un, si sinn esou brav, et mengt een, si wëssten ëm wat datt et geet – Aha, Avuar Elly, Herbert, Erna, e Bonjour un d'ganz*


*Famill. Si kräischen, d'Mama och. Ech verspriechen erëm ze kommen als Tourist. Den Herbert hëlt de Vëlo. E leschte Bléck op Éisträich, a mir sinn op Schwäizer Buedem! Wat e Gefill! Op dëse Moment hu mir esou laang gewaart, mir hunn een deen anere gekuckt a gelaacht, mir ware frou alle 7 erëm beieneen ze hunn a mateneen heem ze goen. Ech kann dëse Moment net beschreiwe wéi ech en empfannen, ech sinn iwwerzeegt, mir vergiessen en nit, och nit wa mer 100 Jor al ginn. (...)*


№ 1724

Croix-Rouge Française
Délégation en Suisse

ADRESSE POSTALE :
Boîte Postale N° 21
Annemasse (Hte-Savoie)
France

Téléphone N° 1.56
à Annemasse


RÉPUBLIQUE FRANÇAISE
Administration des P. T. T.

CROIX-ROUGE FRANÇAISE
Délégation en Suisse

Avis télégraphique de retour en France
à M Math. Muller
envoyé par Mr Will Muller
venant de l'Allemagne
Genève, le 1945
CONVOI N°



Vun deem Dag u ware mir Rapatriéierter. Déi éischt Nuecht hu mer an der Schwäiz zu Buchs geschlof. Deen aneren Dag goung et weider op Zürich. Zu Annemasse, där éischter franséischer Gare, stungen um Quai d'Musik, d'Pomjeeën, Schoulkanner, Zaldoten, wäissgedeckten Dëscher. Dammen hu Flieder gereecht, Bonbonen, Kaffi, Zigaretten. Mir hu geduecht, et wier fir äis. Et war en Annemasser Jong aus dem KZ am Zuch. Den Empfang war sou häerzlech, dass mer all gekrasch hunn.

Déi éischt Uertschaft a Frankräich, wou mer geschlof hu, war Evian. Vun do u waren op eisem Wee all déi grouss Hotele reservéiert fir déi Rapatriéiert. Ier et konnt heem goen, hu mer nach missen op Paräis fuere fir de „Contrôle politique et médical". Zu Paräis ware mer fir d'éischt am Stade Municipal vu Courbevoie an duerno am Centre d'Accueil vun de Lëtzebuerger an der Rue Leroux.

**2.5.** *Gutt geschlof am Centre, bal ewéi am Lager, natierlech vill, vill besser, een iwwer deem aneren, Stréisäk, Eintopf asw. Et reent a mir ginn nit eraus. Den Här Funck, eise Chargé d'affaires, kënnt eis besichen a mécht eis Komplimenter fir eis attitude patriotique. – Mat Autobusse gi mer géint 8 Auer op d'Gare de l'Est gefouert, wou mer ëm 9 fortfuere Richtung Charleville.*

**3.5.** *Charleville 10 Auer muerges. An der Schoul kréie mir Kaffi a waarden op den Transport fir heem. An elo kommen och schonn 2 Autobussen an e Camion vun der Stad Lëtzebuerg, garnéiert mat den Nationalfaarwen,*

*Fändelcher ... Stengefort, d'Leit wénken, d'Fändele sinn eraus op der ganzer Streck, a géint 3 Auer si mir an der Stad am Cercle op der Plëss. D'Guiden zervéieren eis Kaffi, Kakao, Schokela, Zigaretten, Kuch asw. ... Et ass Donneschdeg, an déi Mierscher sinn an der Oktave. Op eemol ass de Cercle voll kënneg Leit: den Hurts Misch, d'Madame Glesener, Koobs Cecile, d'Madame Damgé vu Miersch. Alles stierzt sech op d'Kanner: „Gott sei Dank, Dir lieft all!" An du kënnt och déi kleng Bomi, d'Tatta Maria an d'Tatta Lisy, awer d'Kanner kenne si nit méi, si haten eréischt 18 Méint, wéi dës Odyssée ugefaang huet. – De Will huet den Elsens Gust vun der Millen erbléckst, an hien hëlt eis mat sengem Camion mat op Miersch, wou mer géint 7 Auer ukommen.*

## Mir sinn doheem

Mengem Mann seng Zwillingsschwëster hat doheem schonns alles virbereet. Hatt hat Kaffi gemaach, a si haten „Welcome home" opgehaangen. En Noper, den Här Calteux, e gudde Frënd vu mengem Papp, bei deem ech meng Privatsaache verstoppt hat, war do mat engem Pond Botter, d'Marguerite Peschong hat e fënnefpënnecht Brout. Si wossten net, dass d'Maria schonns virdrun do war. Mir koumen erop. D'Kanner konnte sech guer net méi erënneren. Eise Jim ass direkt kucke gaangen, ob säi Vëlo nach do



wier. Mäi Papp huet sech dohinner gesiess an huet gekuckt, ob säi Wapiti nach géing do hänken. Meng Mamm huet sech och gesat. D'Kanner sinn dorëmmer gelaf, d'Dieren all opgemaach, et war jo alles nei fir si. An du souze mer do. Dat war e ganz traurege Moment. Dat ass esou eng Zäit gaangen, an du sot meng Mamm: „Elo ginn ech emol uewenop kucken, wat nach do ass fir e Bett ze maachen." Ech si menger Mamm nogaangen. An du gesinn ech si emol gutt kräischen. Si hat jo déi ganzen Zäit bis dohinn net gekrasch. Mir setzen eis an der Nummer 4, dat war en Eenzelzëmmer, zesummen op d'Bett. An du sutze mer do. An du geet si awer direkt an de Léngeschaf kucken um éischte Stack. Et war guer näischt méi do. Just nach eng Kierbiischt an e puer Stëbslompen. A si geet op den zweete Stack an de Schaf kucken: do war och näischt méi. D'Léngent war all geklaut ginn! D'Maria, dem Will seng Schwëster, hat e puer Better ganz schnell gedeckt. Et wosst jo kee laang am viraus, wéini mer géingen erëmkommen. Wann ech haut gesinn, wéi Leit a schwierege Situatioune gehollef kréien, dann denken ech, dass mir an deem Moment och psychologesch Hëllef néideg gehat hätten. Wien eis awer iwwer alles ewechgehollef huet, dat waren eis Kanner. Mat hinne war ëmmer Ofwiesslung, a si hunn eis Freed gemaach. Si hu jo näischt anescht kannt. Si haten hir Mamm bei sech,

deelweis hire Papp herno, si haten hir Groussmamm an hire Grousspapp an hire Monni, de Jim.
Eise Will hat jo nach seng Pai. Wéi mir an Éisträich waren, hat hien nach missen eng Kéier op Regensburg zréck goen, fir seng Pai sichen ze goen. Hie war deen eenzege vun äis, dee verdingt huet. Mäi Papp hat jo keen Akommes. Gottseidank hat mäi Papp mueres den 8. Oktober 43 boert Geld am Haus, well hie wollt en Haus kafen op der Beggener Strooss. Wat eng Chance, dass mir dat Geld haten, well mir waren zu 7 vu September 44 bis Mee 45. An déi siwe Leit hu missten iessen, et ass net duergaange mat deene 150 Mark vun eisem Will. An da si mer hamstere gaange mat der Zwillingskutsch, da krute mer emol zwee Eeër, sechs Gromperen an esou. Déi Zäit war net einfach, et si keng Päck méi vu Lëtzebuerg komm, et war ganz batter. Heiansdo huet een souguer op seng Kaarten näischt méi kritt. Eng Kéier hu meng Eltere fir 150 Mark e Stéck Schwéngefleesch op der Freibank kaaft. An der Freibank huet ee Fleesch kritt, dat net vun allerbeschter Qualitéit war.
Et war d'Rundstedt-Offensiv. Dovu wosste mir nëmmen, wa mer emol an de Kino gaange sinn. Do hu mir Veianen gesinn an och eng Kéier Iechternach, awer mir wossten net, wat ass dann elo nach vu Miersch do.




*Mee 1945 op der Plaz vum alen Tuur (Méchelsplaz) zu Miersch*


*1945, 3 Méint no der Ëmsiedlung*



*Konveniat vun der Famill Barthélemy, 1991*